N°4500
Entrée le 20.07.2026
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 20.07.2026
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 20/07/2026

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir den Interieur weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°4258 iwwert de Projet huet den Inneminister confirméiert, datt d'Gemeng Péiteng bei der Vergab vum Marché fir ee Parking beim Wellnesshotel zu Rodange am Dhoil d'Reegele vum Gesetz iwwert d'Marchés publics net agehalen huet.

Aus der Äntwert geet ervir, datt den Inneministère d'Gemeng mat engem Courrier vum 12te September 2025 drop higewisen huet, d'Reegele vum Marchésgesetz an Zukunft strikt ze respektéieren.

Den Artikel 50 vum Marchés publics Gesetz gëtt dem Inneminister d'Kompetenz, fir ee Marché an esou engem Fall kënnen z'annuléieren. Dëst Instrument gouf hei net genotzt – obwuel de Verstouss vum Minister selwer schwaarz op wäiss bestätegt gëtt.

Ausserdeem ass opfälleg, dass d'Chamber an d'Ëffentlechkeet iwwert dëse Verstouss näischt gewosst hunn, bis ech duerch meng Fro n°4258 dorobber gestouss sinn – obwuel den Inneministère de Verstouss scho säit September 2025 kannt huet. Ee Joer laang gouf also näischt ëffentlecht ënnerholl.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Firwat huet den Inneministère an dësem Fall net vun de Méiglechkeete Gebrauch gemaach, déi den Artikel 50 vum ofgeännerte Gesetz vum 8te Abrëll 2018 iwwert d'Marchés publics virgesäit, fir e Marché ze suspendéieren oder ze annuléieren?
2. Ass et normal Praxis vum Inneministère, bei enger festgestallter Verletzung vum Marchésgesetz just eng schrëftlech Ermahnung ze verschécken, ouni weider Sanktioun oder Kontroll vum Ausgang?

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

3. Ass de Marché zu Péiteng, deen ouni déi virgeschriwwen Ausschreiwung vergi ginn ass, haut nach juristesch valabel? Wa jo, op wéi enger Basis gëtt e Verstouss géint e verbindlecht Gesetz ouni weider Konsequenz bestoe gelooss?

4. Wéi eng aner Fäll vu Verstéiss géint d'Marchésgesetz sinn dem Inneministère an de leschte Joeren bei Gemengen opgefall, a wéi eng dovunner goufen effektiv suspendéiert oder annuléiert no Artikel 50?

5. Firwat gouf d'Chamber oder de betraffene Gemengerot net proaktiv iwwert dëse Verstouss informéiert, obwuel de Courrier scho säit iwwer engem Joer virläit?
   Ass et Politik vum Ministère, esou Verstéiss just op explizit Nofro vun Deputéierten ze verëffentlechen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten